

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Info-Box

Bestell-Nummer:	13012LU
Sprooch:	Lëtzebuergesch
Kaméidistéck:	5 Akte
Bünebiller:	1 Stuff
Spildauer:	+/- 100 Min.
Rollen:	7
Frauen:	4
Männer:	3
Rollensatz:	8 Hefte
Preis Rollensatz	135,00€
Aufführungsgebühr pro Aufführung: 10% der Einnahmen mindestens jedoch 85,00€	

13012LU

Komesch Leit

(Kaméidistéck an in 5 Akten)

vum
Jos Weimerskirch

Inhalt :

D'Stéck beschreift d'Liewen vun enger Famill. De Papp ass ganz engagéiert an skrupellos, d'Meedchen ass Artiste an d'Mamm ass genau esou wéi den zukünftigen Eedem verzweiwelt. De Besuch vun der Bomi geheit dat wackelegt Gläichgewicht op d'Kopp.

D'Stéck spillt an der Géigewaart.

Bünebild:

Eng Stuff an engem "Spiesser" Appartement.

Persounen:

Persounen	Beschreibung	
Jean Legros (50 Joer)	Mann vum Blanche, méi domm wéi de Verstand ass iwwerzeegt dass hien dee Beschten ass a gëtt iwwerflësseg Bemierkunge vu sech. Säin vu sech iwwerzeegt sinn ass seng Schwaachstell.	
Blanche (45 Joer)	Fra vum Jean huet virun 20 Joer e Meedchen op d'Welt gesat wat säin deemolege Mann Antigone gedeefte huet. Si huet sech séier vun hirem deemolege Partner getrennt wëll se der Meenung war e besseren verdéngt ze hunn. Nom Bestietnes mat deem deet hir den Entschluss leed.	
Pierre Meyer (50 Joer)r	Dem Blanche säin éischte Mann. Hien ass ganz naiv op Paräis gezunn fir do Theater ze spillen an huet do eng Librairie bedriwwen. Mat iwwer 50 Joer wëll en e neit Liewen ufänken a Sicht no enger Geleeënheet.	
Catherine (74 Joer)	Bomi a Schwéiermamm. D'Mamm vum Blanche. Kritiséiert all di Zäit hiert d'Meedchen. Wëll hir Enkelin hir nogeschloen ass, ass dat hire Fiffi. Si wunnt an engem Altersheem mengt awer dat Wier just provisoersch wëll si war a Liewe laang e fräie Mënsch a wëll dat weider bleiwen.	
Isabelle Pinot (20 Joer)	D'Cousine vum Sam. D' Liewen langweilt hat. Et sot zu sengen Elteren et géif weider studéieren fir vun deenen Suen fir de Loyer ze kréien. Hat koolt gare mat Männer an ass ganz flott.	

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Antigone (20 Joer)	D'Meedchen vum Haus mat ausgefallenem Numm deen et vu sengem richtege Papp krut huet. Hat huet der Bom hire Charakter a gëtt mat den Elteren net eens. Sāi Stéifpapp huet him e Frënd gesicht deen et akzeptéiert, just fir seng Rou ze hunn.	
Sam (25 Joer)	Zukünftegen Eedem a Frënd vum Antigone. Hien ass frou mat Uerdnung a fäerdeg mat sengem Affekot-Studium. Hien fënnt, dass hien elo eng Fra brauch a gëtt sech mam Antigone of. Hien mengt, dass hat mat der Zäit dat richtegt fir hien wär.	

Akt 1

Maer sinn an engem Wunnzëmmer vun enger biergerlecher Famill. De Jean an d'Blanche sinn moies beim Kaffi. De Jean sëtzt do eng Revue ze liesen a kuckt senger Fra no wéi déi den Dësch deckt.

Szeen 1

Jean (*iergert sech ëmmer a kommentéiert dat wat e gelies huet*) Wat sinn dat Hännessen! Meng Léif, maer verplemperen de Walsonndeg an deem maer Leit wielen, déi net kapabel sinn. Weess Du wat déi verdéngt hätten? (*seng Fra weist keng Reaktioun*) En fermem Hannebäi. (*mécht dozou e Geste*) Allez... Hépp. E Fermen. (*eng Paus*) Wat mengs Du?

Blanche (*dem et egal ass*) Natierlech.

Jean (*deen irritéiert ass*) Du mengs dat net!

Blanche (*mat engem immensen Seufzen*) Dach!

Jean (*erof schätzend*) Du denks awer och ni.

Blanche (*mat grouse Seufzen*) Dach.

Jean (*héichtrabend*) An?

Blanche (*automatesch*) Se verdéngen e fermem Hannebäi.

Jean (*zefridden*) Genau.

Blanche (*falsch éierlech*) Gëss Du hinnen deen?

Jean (*mat enger Stëmm voller Loscht*) Fir wat eigentlech net. Mengs Du ech kéint dat net? (*hat wëll "Nee" soen, mee hien léisst him keng Méiglechkeet*) Keen Zweck "Jo" ze soen, ech weess, dass Du maer dat net zoutraus. Daer ënnerschätzt mech. (*zu sech selwer*) Ëmmerhin 50 Joer Liewenserfahrung hu maer gewisen, (*eng Paus*) dass ech kee Kallef sinn.

Blanche (*ironesch*) Wann s Du et weess ...

Jean (*ignoréiert hat a fiert mat sengem Monologe weider*) Ech si Spross fir Spross op der Lieder erop gaang a kommen elo an d'Direktioun esoubal de Jacobs dout ass....

Blanche (*ënnerbrécht*) Mengs Du e géif stierwen?

Jean (*den aus sengem Dram erwächt*) Et ass just nach eng Fro vun Deeg. (*fiert mat sengem Monologe weider*) Just nach e puer Méint Gedold an da ginn ech: (*betount et wéi*

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

wann hien ernimmt géif ginn) "Chef de Service vum Service vun de Relations publiques vun der P.P.C.R.: Société générale des Petits Pois et Carottes Réunis".

Blanche Ënner wat leid hien?

Jean Wien?

Blanche De Jacobs.

Jean Ech weess et net.

Blanche Wien sot dann, dass e stierwe géif?

Jean (*triumphéiert*) En ass schonn 2 Joer am Krankeschäin.

Blanche So, hat hien seng Carrière net beim Staat ugefaang?

Jean Dach! (*eng Paus*) Fir wat?

Blanche (*mécht de Geck*) Dann ass dat villäicht vun do seng Gewunnecht.

Jean (*fënnt dee Spaass guer net gudd*) Fir, dass Du et weess, den P.P.C.R. ass net de Ministère. (*entschloss*) De Jacobs kënnt net well hien wierklech krank ass.

Blanche Ass den Haer Streng dann net de Kandidat fir d'Relève ze iwwerhuelen?

Jean De Gustave. Deen (*betount et*) Topert. Onméiglech,

Blanche Ass hien da net un deem Posten interesséiert?

Jean Dach! (*eng Paus*) Jiddereen kéint dee Posten kréien. (*denkt no*) Mee de Streng als Chef? Du bass ze bedauern: Du kenns d'Männer schlecht.

Blanche (*éierlech*) Maer gefällt en. (*begeeschtert*) Erënners Du dech nach weis Du d'Chasse vun der Toilette net flécke konnts. (*Et berouegt sech well de Jean hat mësstraueg bekuckt an entschëllegt sech bal*) Hien war eis deemools hëllef komm.

Jean (*jäizt*) Ech war nach ni incapabel. (*berouegt sech nodeem hien sech bewusst gouf, wat e gesot huet*) Ech hu just erkannt, dass e Mangel un Erfahrung, Problemer beim Flicken vun der Toilette mat sech bréinge kéint a well dëse grouse Fräiwëllegen sech ugebueden huet eis ze hëllefen, just fir bei Daer Punkten ze sammelen, hunn ech maer erlaabt ob hien zeréck ze gräifen.

Blanche (*wëll bestätegen, dass si frou waren e fonnt ze hunn*) Ob alle Fall...

Jean (*jäizt*) Elo geet et duer. Maer kéinten eis dra verhädderen a bis muer de Moien 8 Auer doriwwer schwätzen. (*entschloss*) Sief Daer bewusst, dass deen net Direkter gëtt an deem en eng Kéier eng Toilette gefleckt huet. (*eng Paus, erkläert mat Iwwerzeegung*) Do muss een Temperament vun de Leit analyséiere kënnen, et verdroen, dass een der heiansdo vun der Konkurrenz laanscht Lämme kritt, eng Richtung uginn, well d'Aktionäre wëssen dat ze schätzen. Als Firma baue maer op si an op hiren Invest. (*iwwerhieft*) Ech soen Daer haut: a manner wéi engem Joer ass eisen alen Direkter an der Morgue, de Streng entlooss an ech an der Direktioun.

Blanche (*gelangweilt*) Wanns Du et sees.

Jean (*bliedert gelangweilt an enger Revue*) Do hat ech maer eng gudd Schaff gesicht (*eng Paus, kuckt op*) Keng Nouvelle méi vun dengem Ex-Eedem? (*ironesch*) E bëssen diskret fir e Künstler. (*kuckt seng Fra déi hien wéi et schéint net héieren huet*) Wat mengs de?

Blanche Wéi wier et wanns Du et roue loosse géifs.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwene, Kopéieren, Verléine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Jean (*gëtt nervös*) Natierlech. Et geet mat dem komesche Kärele bis op Paräis wëll dee behaupt seng Fra wier do mat engem Ament. Et léisst een et net zou, dass een säi Meedchen fir eng onendlech Zäit aleng léisst an dann versteet een net, dass hien en onverstanenen Dichter ass, dee vu senger Fra verlooss gëtt. Do ass deen aarme Kärele, deen alles mécht fir seng Fra a säi Kand ze ernieren jo richteg schlecht drun.

Blanche (*fairt*) Ech bieden dech, d'Antigone kéint dech héieren.

Jean (*schwätzt méi lues*) Antigone. Hat krut dee Numm sécher wëlls Du dat Theaterstéck eng Kéier gesinn hues. Wou kann ee säi Kand esou nennen. Du häss et och Willhelmine, nom Shakespeare, nenne kennen. Ob alle Fall huet den Antigone e Mëttel fonnt, dass hien maer net méi aus dem Kapp geet. All Kéier wou ech däi Meedchen ruffen, muss ech un hien denken. (*eng Paus*) So, ass hat elo nach ëmmer net op?

Blanche Hat widderhéilt nach eng Kéier all seng Coursen virum Examen.

Jean (*virworfsvoll*) Hatt ass e Spezialist vun der leschter Minutt.

Blanche Hal op, hat permanent ze kritiséieren.

(*Et schellt*)

Szeen 2

Jean (*betount*) Et huet geschellt.

Blanche (*geet d'Dier opmaachen*) Ech ginn.

Jean Ech hoffen.

Blanche (*mécht d'Dier op*) Moien Sam.

Sam (*voller Komplexer*) Moien Madame Legros! Entschëllegt wann ech stéieren.

Jean (*héich trabend*) Kommt eran Sam, Daer hutt nach ni gestéiert.

Sam Moien Haer Legros.

Jean (*hieft sech*) Kommt, iesst mat eis.

Sam (*zéckt*) Ech weess net ob ech dat däerf.

Jean (*falsch iwwerdriwwen*) Daer kënnt dach net refuséieren mat eis z'iessen. (*zu senger Fra*) Huesi, wëlls de net nach en zousätzlecht Besteck bréngen. (*zum Sam*) Setzt Aech Sam! Wat verschléit Aech zu eis?

Sam (*voller Komplexer*) Ech sinn heihinner komm fir dem Antigone fir säin Examen ze encouragéieren.

Jean (*extravagant*) Dat ass awer léif vun Aech.

Sam Dat ass normal.

Jean Wéi geet et mat aerem Jura-Studium?

Sam Gudd. Ech sinn lo grad fäerdeg.

Jean Ech ruffen d'Antigone.

Szeen 3

Jean (*jäizt*) Antigone!

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Sam (*voller Panik*) Haer Legros, ech wollt hat net beim Léieren oflenken.

Jean Eng Stonn virum Examen, do muss een d'Matière kennen. (*jäizt*) Antigone.

Antigone (*ausserhalb vun der Bün*) Jo wat ass?

Jean (*erwaart sech Freed*) De Sam ass do.

Antigone (*vun ausserhalb der Bün*) Ass dat alles?

Jean En ass heihinner komm, fir dech ze gesinn.

Antigone (*ausserhalb der Bün*) Ass e rout am Gesiicht?

Jean (*perplex*) Nee. Fir wat?

Antigone (*vun dobaussen*) Ech refuséieren bei hien ze kommen wann en hëtzeg ass.

Jean (*autoritär*) Sief keen Idiot. Ech sot Daer du solls kommen. (*wennt sech un den Sam*) Daer musst mäi Meedchen entschëllegen. (*stolz*) Hat ass eng Legros. Hat huet Charakter a wëll dee weisen. Maer sinn e bëssen all esou an der Famill. (*vertraulich*) Mee Daer kënnt maer gleewen ech si frou mat him.

Sam (*hieft sech*) Ech hoffen dat vu ganzen Häerzen Haer Legros.

Jean (*Kommando méisseg*) Setzt Aech. (*eng Paus*) Kaffi?

Sam Gären. (*de Jean zerwéiert him es*) Merci!

Jean Ech bieden Aech (*De Jean sëtzt sech, well e net weess wat e soe soll hieft en sech, de Sam hieft ech och. De Jean geet bei d'Dier a jäizt*) Antigone.

Antigone (*vun dobaussen, ganz nervös*) Ja!

Jean (*nervös*) Kënns de erof? (*zum Sam deen nach ëmmer steet*) Setzt Aech nees. Fir wat si Daer esou verspaant? Gefält et Aech hei net bei eis?

Sam (*entsat*) Dach.

Jean (*frëndschaftlech*) Daer sidd hei doheem. Ech betruachten Aech wéi mäin eegene Bouf, meng Fra bewonnert Aer Intelligenz genau esou wéi mäi Meedchen, (*eng Paus*) d'Antigone. (*schafft en Ament vu Suspens*) Ënnert enger Haut vu Strengt verstoppt sech en Häerz wat just fir Aech schléit.

Sam (*skeptesch*) Meng Daer?

Jean (*bestätegt*) Et ass säi Papp deen dat seet. (*hëlleft him sech ze entspanen*) Allez kommt maer entspanen eis.

Sam Jo, Merci Haer Legros.

Jean (*wéi e Papp*) Ech soen Aech Merci. (*En hieft ech a gett bei d'Dier a jäizt*) Antigone. (*hat kënnt*) A do bass de jo.

Antigone (*kënnt eran*) Moien alleguer.

Jean (*entsat*) Wou bleiwen deng Manéieren?

Antigone (*gelangweilt*) Wat da nach?

Jean Hues Du schonn eng Kéier gesinn wéi maer "Moien" soen?

Antigone (*ironesch*) Ech hunn ëmmer gesot et misst et filmen.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Jean (*versicht dem Sam ze gefalen*) Eis ganz Famill war nach ëmmer Moies gudd drop. (*D'Antigone kuckt sech d'lessen um Dësch un*) Eise Frënd Sam ass heihinner komm fir Daer fir den Examen "Bonne chance" ze wënschen.

Antigone (*zu senger Mamm*) So, ass keen Nutella do? (*hat reagiert op d' "Nee"-wénken vu senger Mamm*) Dat kann net sinn, Daer hätt maer dat am viraus sollte soen. Ech wier es kafe gaang. (*léisst sech op de Stull falen*) Den Dag fänkt jo scho gudd un

Jean (*schoulmeeschterech zu senger Fra*) Blanche, däi Meedchen ass charmant.

Antigone Wat hunn ech dann elo nees gemaach?

Jean (*explodiert*) Dee Jong hei, voller Qualitéiten interesséiert sech fir dech. E steet (*de Sam stellt sech, de Jean setzt e nees*) fréi Moies op fir dech ze encouragéieren an dat obschonn hien selwer eng schwéier Woch op der Uni hat. E kéint sech op mannst erwaarden, dass Du him "Moie" sees. Mee deng eenzeg Gedanken sinn de Schockelas-Botter.

Antigone Dass keen hei ass, mécht den Ënnerscheid.

Jean Wëlls de, dass ech Daer et soen?

Antigone D'Fräiheet d'Wuert ze ergräifen steet am Grondgesetz, ech hu kee Choix.

Jean (*jäizt a weist op den Sam*) Et ass en lesel.

Antigone Do si maer eis eens.

Jean En lesel deen sech vun Daer verblenne léisst.

Blanche Jang beroueg dech.

Jean (*nach ëmmer voller Emotiounen, während d'Antigone d'Rou a Persoun ass*) Du hues se jo net méi all, du bass vun engem anere Planéit. (*jäizt*) Këmmers Du dech elo ëm hien?

Antigone (*méi wéi roueg*) Nee.

Jean (*berouegt sech*) Wéi Neen?

Antigone Neen, de Contraire vu Jo.

Jean (*dréit*) Kéints Du maer dat emol erklären?

Antigone (*stuer*) Ma well wann ech Kaffi drénken a wann ech Kaffi drénken, këmmerech mech net ëm d'Jongen. Dat heescht net, dass ech dat ni maachen.

Jean Du wäers jo elo net mengen, dass ech mech ëm deng Invitée këmmerech?

Antigone Dach, well Du bass mam Kaffi fäerdeg. An ausserdeem hunn ech keen invitéiert.

Jean (*kuckt d'Leit*) Ma wou ass dat fortgelaf?

Antigone (*ironesch zu hirer Mamm*) Dat ass eng Fro déi fir dech gemënt war. Ech hoffen, dass maer déi net bei deem aarme Jong ze beäntwere brauchen, dee keen invitéiert huet.

Jean (*aggressiv*) Schlecht erzunn.

Antigone (*aggressiv*) Endlech eng Selbst-Erkenntnis.

Jean Ech ginn, soss vergiessen ech mech.

(*E geet*)

Blanche (*geet mat*) Jang, beroueg dech.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen müssen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Antigone (*un de Sam*) An Alen? Wéi hu maer et? Entspane maer eis?

Szeen 4

D'Antigone raumt den Dësch of.

Sam Däerf ech hëllefen?

Antigone En Gottes Wëllen net.

Sam (*beschëllegend*) Du wëlls streng mat maer sinn!

Antigone Ech kann net dofir, dat maachen ech instinktiv.

Sam Fir wat?

Antigone (*versicht ee fir alle Mol de Punkt op den "i" ze setzen*) Den Haer ass mat der Schoul fäerdeg. Den Haer wëll sech elo niddleoossen, En huet schonn eng Kichenrichtung mat Spullmaschinne, e Fernseher an e Bett; lo wëll den Haer nach eng Fra fir säi Stot komplett ze maachen. Leider gesäit e net perfekt aus a ka just bei senger geplangten Schwéierelteren e gudden Androck hannerloossen net awer bei senger grousser Léift. (*mécht en no*) Mat enger Affekten-Ausbildung, déi en per Zoufall krut huet, sicht en elo e Schwéierpapp dee behauptt streng a progressiv ze sinn. E sicht een dee gären an der Effentlechkeet steet a gären ugëtt, soss notzt him säin Diplom näischt. Hien mengt e stenge Schwéierpapp géif seng Fra a säi Meedchen an der Gidd halen. Wat ass him net méi nützlich, wéi e Meedchen wat alles mécht wat säi Papp him seet an dat nëmmen wëll hat als Kand och schonn ëmmer Limite gesat krut. (*Hat kuckt him richt an d'Gesicht*) Géff et zou, dass Du eng Fra sichts déi liicht ze manipuléieren ass.

Sam Hëls Du maer et iwwel, dass ech mech um Enn vu mengem Studium an dech verkuckt hunn?

Antigone (*ironesch*) Am Géigendeel. E "Coup de foudre" um Enn vun de Studien. (*seet zum Publikum*) Wat kann et Schéineres fir e romantescht Meedche ginn. Zemol well een Daer et ofgesäit. (*eng Paus et spillt seng Roll*) Ech stinn Moies op an Du bass Do fir maer Moien ze soen. Ech iessen, Du pass ob meng Figur op. (*eng Paus*) Wat géifen deng Kolleegen denken, wann ech 5 Kilo ze vill hätt? (*fiert weider*) Ech léieren an du hëllef maer dobäi (*insistiert op "esou gudd wéis de kanns"*) esou gudd wéis de kanns. Ech hunn en Decolleté an du gëss maer e Pullover fir driwwer. Ech huelen owes den Zuch an Du pass op, dass keen u mech geet. An Owes wann ech Heem kommen, frees de mech all Kéier, ob ech e schéinen Dag hat. (*hëlt hire Schoulsack*) Dat gesot, loossen ech dech, well ech si spéit un.

Sam (*hieft sech*) Wëlls de net, dass et mat Daer mat ginn? (*Hat heet him eng. De Jean kennt eran.*)

Antigone Hal éischter mengem Papp Gesellschaft. Daer passt beieneen.

(*Hat geet.*)

Szeen 5

Jean (*versicht de Schued a Grenzen ze halen*) Ech hoffen, dass Daer u sengem secken Toun héieren huet wéi verleeën hat ass. (*eng Paus*) Well maer eis änelen, krit Daer vu maer eng Drëpp, (*de Sam versicht ze refuséieren, mee de Jean bleift zéi*) déi Daer net refuséiert. (*en zerwéiert. Eng Paus*) Kommt maer schwätzen vun Ärer Kusinne.

Sam (*genéiert*) Ech hat Aech do alles gesot.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Jean Jo maer! Mee him? Hu Daer hir erzielt wéi begeeschtert ech sinn?

Sam Ech si verleeën.

Jean Ech gesinn net fir wat? Aer Kusinne ass fräi, sot Daer mir! An ausserdeem, hat ech Aech schonn meng Strategie erkläert?

Sam Jo.

Jean (*roueg vun uewen erof*) Sam, ech soen et richt eraus. Et ass mäi Meedchen géint Aer Kusinne. (*E gëtt him säin Handy, an de Sam wielt d'Nummer*)

Sam (*gëtt Ëmmer méi vu sech iwwerzeegt*) Isabelle? (*eng Paus*) Ech sinn et de Samy. Ech wëll, dass Du maer e klengen Service leeschts. Erënners Du dech un dat Meedchen wat de Numm vun engem Theaterstück huet? (*Eng Paus*) Maer sinn nach ëmmer frou mateneen, mee säi Papp ass géint eng Bezéiung. Ech froe mech ob s Du hien net iwwerzeege kéints. (*eng Paus*) Du bass dach e flott Framënsch. E Mann méi oder manner wat mécht dat Daer schonns aus. (*eng Paus, mat enger droender Stëmm*) Wann deng Elteren gewuer géifen, dass Du net méi studéiers an dann nach e puer zousätzlech Informatiounen, ech mengen da géifen déi dech och net méi finanziell ënnerstëtzen. (*eng Paus, widerhëlt de Saz deen et gesot huet*) Genau, ech verlaangen, dass Du direkt op 15, rue Pasteur kënns. Du fënns sécher eng Ursaach. (*e gëtt dem Jean nees den Handy*) Si huet agehaang, mee ech mengen et kënnt.

Jean (*zefridden*) Bravo Sam! Du kanns Daer net virstellen wéi frou ech sinn, dass mäi Meedchen a gudd Hänn kënnt. (*eng Paus*) Si Daer mam Auto hei? (*de Sam bestätegt*) Gudd, Daer fuert 15 Mol ëm de Block an da komm Daer erëm. (*E mécht him d'Dier op*) Daer hutt et net mat engem Onmënsch ze dinn.

(*De Sam geet. Den Telefon schellt nees. De Sam bleibt stoen, de Fall et wier fir hien. Esoubal de Jean opgehewen huet, mécht hien en Zeechen de Sam kéint goen.*)

Szeen 6

Jean (*an den Telefon*) Moien Haer Jacobs. Wéi geet et Aech? Wéi Daer Aech sécher virstelle kënnt, waarde mer ongedëlleg drop, dass Daer erëmkommt. (*eng Paus, et gesäit een a sengem Gesicht dass en beonrouegt ass*) Wat sot den Dokter? (*entsat*) Em Gottes Wëllen. (*eng Paus*) Si kontrolléieren ier se de Leit esou eng Katastrophe soen. (*eng Paus*) 2 Mol. (*eng Paus, kuckt ganz eescht*) Natierlech si maer prett aeren Instruktiounen nozekommen. Erlaabt maer Aech ze soen, dass et couragéiert ass sengem Dout esou viraus ze kucken. Dat ass en Zeechen vu Professionalitéit. (*eng Paus*) Musse maer dem Direkter Bescheed soen? Ech brauch Aech net ze soen, dass ech et verstinn aere Wonsch ze respektéieren. Hu Daer deenen aneren Bescheed gesot op mannst eise Kolleeg Gustave Streng? Weess hien, dass den Direkter näischt wësse soll? (*eng Paus*) Hien seet näischt, ech vertrauen deem Jong. Am schlechteste Fall gëtt de ganzen Service zesumme geluet. (*eng Paus*) Ganz mengersäits an, (*eng Paus*) Courage. (*en hänkt an a rífft*) Blanche! (*hat kënnt eran*) De Jacobs ass condemnéiert.

Blanche Deen aarme Mann.

Jean (*erstaunt*) Hues Du do näischt anescht ze soen?

Blanche (*midd*) Du gëss neien Direkter.

Jean Gräif net fir, just Chef de Service.

Blanche (*degoûtéiert*) Meng Gratulatioun. Ech ginn an de Buttek, soll ech Daer eppes matbréngen?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Jean Schampes. *(Hat geet. Hien hält den Telefon a rífft un)* Moien . Hei ass Legros, gidd maer den Direkter. *(eng Paus)* Moien Haer Direkter, de Jean Legros um Apparat. *(eng Paus)* Legros vum Service vun de Reklamatiounen. Ech wëll Aech iwwert den Service informéieren. Ech sinn elo grad eppes Penibeles iwwert den Haer Jacobs gewuer ginn an do hunn ech maer gesot, *(eng Paus)* A Daer wësst näischt? *(eng Paus)* En huet fir nach manner wéi fir e Mount. *(eng Paus)* Am Ablack funktionéiert den Service ganz harmonesch. E gëtt gefouert vum Haer Streng a vu maer. Iwweregens war mäi Kolleeg och vum Haer Jacobs ugestallt ginn Aech ze informéieren. Säi Schweigen beonrouegt mech. Ech hoffen et ass him näischt geschitt *(eng Paus)* Daer hutt muer Rendez-vous mat him? Wann ech dat gewosst hätt, hätt ech net mat Aech geschwat a scho guer net um Telefon. Mäi Kolleeg huet et sécher méi pässelech fonnt fir Aech et an d'Gesicht ze soen. Et deet maer wierklech leed. *(eng Paus)* Et wier net nëmme léif, mee Daer géift maer och e Gefale maachen, wann Daer muer maache géift, wéi wann Daer nach näischt wësse géift. *(eng Paus)* Merci Haer Direkter, *(et schellt)* nach e schéinen Dag Haer Direkter. *(hien hänkt an a geet opmaachen)* Nee wéi professionell. *(Et schellt nees un der Dier)*

Szeen 7

Isabelle *(kënnst eran)* Haer Legros?

Jean Hien selwer.

Isabelle Moien Monsieur, ech heeschen...

Jean *(ënnerbrécht)* Nee sot näischt. *(mécht wéi wann e siche géif)* Ech kennen Aech Isabelle Pinot. Daer Sidd dem Sam seng Kusine.

Isabelle *(erstaunt a mësstrauesch)* Wisou wësst Daer dat?

Jean Ech hat Aech leschte Samschden am Auto vun Aerem Kusun gesinn. *(eng Paus)* Daer hat e roude Rack un. Aer Hoer waren méi laang.

Isabelle Dat stëmmt, wat eng Memoire.

Jean *(baggert)* Meng Daer ech kéint esou e Gesicht vergiessen?

Isabelle *(äiskal)* Daer irritéiert mech.

Jean *(erstaunt)* Schon!

Isabelle *(generft)* Ech sinn heihinner komm fir maer dem Sam säin Auto ze léinen.

Jean *(zefridden)* Dat trëfft sech gudd *(zéckt)* ech wëll soen, dat fält schlecht, en huet mäi Meedchen grad an den Examen gefouert.

Isabelle D'Antigone?

Jean Jo. *(schäinhelleg)* Et gesäit aus wéi wann een an deen anere verléift wier. *(spillt Theater)* Just ...

Isabelle Ech weess, hien huet maer alles gesot.

Jean Wat sot hien Aech?

Isabelle Dass Daer géint all Forme vu Bezéiung wäert.

Jean *(ganz theatralesch)* Sot dee béisen Aech dat. Wat soll Daer elo eng Meenung vu maer hunn? Wann ech gelift verstidd mech, ech hu just ee Meedchen.

Isabelle *(huet näischt ze verschéineren)* Konkret, wat werft Daer him fir?

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwene, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Jean (*weess net wat hien soe soll*) Konkret! Et fält maer schwéier Aech dat ze soen. (*eng Paus*) Daer gehéiert zu senger Famill. Daer verstidd hien besser wéi ech (*eng Paus*) Ech hunn ëmmer dervunner gedreemt, dass mäi Meedchen a Mann kritt... (*eng Paus*) Wei soll ech soen?

Isabelle Tarzan?

Jean (*éierlech*) Een dee mech ersetze kann ouni mäin Meedchen zevill ze schockéieren. Éierlech ech fäerten wann ech net do sinn fir hat ze leeden, da mécht hat näischt ewéi Dommheeten. (*eng Paus*) Versti Daer dat?

Isabelle (*et ass him egal*) Ganz gudd.

Jean Ech wëll net, dass Daer mech falsch verstidd. Aere Kusine huet enorm Qualitéiten. (*eng Paus*) Sécher sot Daer maer, en ass net schéin, mee ech soen Aech en huet e séchert Optrieden (*schwätzt wéi wann hat hien kritiséiert hitt an hien hätt e verdeedegt*) Natierlech, et ass een dee net gäre schwätzt. Mee de gött Affekot. Ech ginn zou en ass net besonnesch gescheit. Mee en ass fein. A besonnesch, en ass bescheiden.

Isabelle (*midd*) Fir wat si Daer dann dergéint, dass si sech gären hunn?

Jean Ma dat muss ech maer emol iwwerleeën. (*zéckt e bëssen wéi wann d'Isabelle verleeë wier*) Ech versprechen Aech dat. (*eng Paus*) kéint ech Aech e kleng Gefale froen?

Isabelle Ech bieden Aech.

Jean Versprieche Daer maer, dass ech Aech nach eng kéier ze gesinn kréien.

Isabelle Daer zéckt net laang.

Jean Bei Ärer Schéinheet däerf een net laang waarden. (*E weist sech ëmmer méi begeeschtert*)

Isabelle (*sëtzt en nees op de Buedem zeréck*) Monsieur, wat géif äert Meedchen denken?

Jean (*éierlech*) Hat kritt dat alles guer net mat, Sidd Aech do sécher. (*eng Paus*) Frot mech alles wat Daer wëllt. (*eng Paus, glécklech eppes fonnt ze hunn*) Wëll Daer gären bei eis an der P.P.C.R. schaffen? Daer braucht maer just e Wuert ze vergonnen. (*Wéi wann hien d'Stäre vum Himmel huele géif*) Wëll Daer der P.P.C.R. bäitrieden?

Isabelle Ass dat de Numm vun Ärer Theatergrupp?

Jean Wat gelift?

Isabelle P.P.C.R. ass dat de Numm vun Ärer Theatergrupp?

Jean (*entsat*) Iwwerhaupt net (*schwätzt mat him wéi wann all Mënsch d'Firma misst kennen*) P.P.C.R. Société générale des Petits Pois et Carottes Réunis (*eng Paus*) Daer schwätzt mam zoukënftegen "Chef de Service vun de Reklamatiounen vun der Société générale des Petits Pois et Carottes Réunis".

Isabelle (*Ironesch*) Et ass maer eng Eier. (*et mécht e Knicks*) Ech hat gemengt Daer wäert am Theater.

Jean (*entsat*) Ech?

Isabelle Daer hutt äert Meedchen Antigone genannt.

Jean (*automatesch ouni ze verstoen*) Mäi Meedchen Antigone. (*versteet*) A jo? Mäi Meedchen Antigone. (*eng Paus*) Si Daer frou mam Theater?

Isabelle Ech sinn e Fan vum Duerftheater. Am léifste ginn ech op Tënten.

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Jean (*litt*) Ech sinn och e Fan! (*eng Paus*) Ech war fir d'Spille bestëmmt, mee leider konnt ech ni.

Isabelle Fir wat?

Jean Ech war verléift. (*eng Paus*) Meng Fra war schwanger. (*eng Paus*) Maer hunn eis bestuet.

Isabelle Ech verstinn.

Jean (*schmunzelt an ass nostalgisch*) Dofir Antigone. (*eng Paus, mat enger sérieuxer Stëmm*) Ech gouf forcéiert am Mëttelbetrib ze reusséieren. Trotz menger Jugend wousst ech Verantwortung ze iwwerhuelen.

Isabelle Felicitatiounen.

Jean (*Gewënner*) Merci! (*eng Paus, decidéiert sech nees op dat alt Gespréich zeréck ze kommen*) Sot schonn e Mann Aech wéi schéin Daer sidd?

Isabelle Mat 50 Joer sinn ech dat scho bal gewinnt.

Jean Daer maacht mat maer de Geck.

Isabelle Ech war heihinner komm fir dem Sam säin Auto auszeléinen.

Jean An do hu Daer mech fonnt. Sidd elo net zevill enttäuscht. (*eng Paus*) Daer sidd einfach ze schéin. Vergiesst de Sam an d'Antigone an denkt just nach u mech. (*hien wëll et ëmërmelen, do schellt et*) Et ass ëmmer esou. (*E mécht d'Dier op an de Sam kënnt eran*)

Szeen 8

Sam Moien.

Jean (*verzweiwelt*) Mäi léiwen Alen 2 Minutten ze fréi.

Isabelle Sam, ech si komm fir däin Auto auszeléinen.

Sam (*iwwerfall mat der Iddie säin Auto mussen ze verléinen*) Mäin Auto?

Isabelle (*ganz autoritär*) Géff maer de Schlëssel.

Sam (*gëtt him en, mee net gären*) Hei ass en.

Jean Gidd Daer? (*hien befummelt hat*)

Isabelle Monsieur, net viru mengem Kusine.

Jean Entschëllegt. D'Emotiounen. (*hien gëtt dem Sam eng Revue*) Hei mäi Kolleeg, hei ass eppes fir ze liesen. (*lues*) Kuckt an d'Zeitung a kee Bléck vum Blat. (*normal zum Sam*) Ech mengen dat heiten interesséiert Aech. (*zum Isabelle*) Voilà dat wier gemaach. (*hien kësst an engem Stéck hir Hänn*) Kann ech Aech erëm gesinn?

Isabelle Ech zielen op Aer Imaginatioun fir eng Ursaach ze fannen.

Jean Vertraut maer.

Isabelle Ech muss goen! Äddi.

Jean Bis geschwënn.

Isabelle Äddi Sam a Merci fir den Auto.

(*Hat geet*)

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Szeen 9

Jean (*fénnt nees seng Wieder*) "Merci fir den Auto". Di Ligenesch! (*romantesch*) Hat litt gudd. (*autoritär*) Dréink Daer e Whisky mat maer?

Sam (*traut sech net ze mucksen*) Gären.

Jean (*zerwéiert dem Sam e Glas an hält d'Revue ewech*) Prost!

Sam Prost.

Jean Wat e Meedchen!

Sam (*knoutert*) Ech wollt him ni mäin Auto léinen.

Jean Wéi kéint ech hat erëm gesinn?

RIDDO

*Dëst ass en Extrait aus dem Theaterstück
"Komesch Leit"*

**Wëll Dir dat ganz Theaterstück lesen?
Da bestellt dach einfach de ganzen Text als gratis Liesprouf op eiser Websäit.**

Op eiser Websäit ënnert dem Theaterstück

Gréng Bestellbox: Gratis Liesprouf, kompletten Text

Rout Bestellbox. Di ganz Rollen

Blo Bestellbox: Liesprouw per Post oder Zousaatzheft zu de Rollen

Wann Iech dat Theaterstück gefalen huet, da bestellt dach einfach
di ganz Rollen am Internet op eise Websäiten.
www.mein.theaterverlag.de

Bestëmmungen

Onerlaabten Opféierungen, onerlaabten Ofschreiwien, Kopéieren, Verlaine vu Rollen mussen als Verstouss géint Urheberrecht verfollegt ginn. All Rechter och d'Iwwersetzung, deelweis oder ganz Radio a Fernsehiwwerdroung gehéieren dem Verlag. D'Recht fir d'Stéck opzeféieren kritt ee just beim Verlag.

Vertrieb

mein-theaterverlag
41849 Wassenberg, Packeniusstr. 15

Telefon: 02432 9879280
e-mail: info@verlagsverband.de

www.mein-theaterverlag.de – www.theaterstücke-online.de – www.theaterverlag-theaterstücke.de – www.nrw-hobby.de